adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2015
1625

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kader vun der Bedrohung duerch den Terrorismus, huet d'Regierung an der Chamber e Gesetzesprojet hannerluecht deen eise Sécherheetsorganer eng Réi nei Moossnamen zur Verfügung stellt fir d'Sécherheetslag ze verbesseren.

Nieft dëse juristesche Mesuren ass et awer och wichteg, datt ons Sécherheetsorganer iwwert dat néidegt Personal verfüge fir hir Missioune kënnen ze erfëllen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir bannenzegt Sécherheet dës Froe stellen:

1. *Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der groussherzoglecher Police?*
2. *Ass d'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en, am Liicht vun de rezenten Evenementer, erop gesat ginn?*
3. *Wéi ass d'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*
4. *Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir d'Polizisten déi an d'Pensioun ginn ze ersetzen an d'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbesseren?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Äntwert vum Minister fir bannecht Sécherheet Etienne SCHNEIDER op d'parlamentarsch Fro no. 1625 vum 9.Dezember 2015 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der groussherzoglecher Police?

D 'Gesetz vum 31. Mee 1999 hat en maximalen Effektiv vun der groussherzoglecher Police vun 1393 fixéiert: 63 Cadres supérieurs, 1150 Inspekteren an 180 Brigardieren.

En Gesetz vum 22. Juli 2008 huet d 'maximal Effektiver eropgesat op 90 Cadres supérieurs, 1480 Inspekteren an 250 Brigardieren.

D 'Budgetsgesetz vum 29. Abrëll 2014 huet den maximalen Effectif vun de Brigardieren op 295 erhéicht.

Wéi ass d 'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?

D' groussherzoglech Police zielt aktuell 1801 Polizisten, dovunner 66 Cadres supérieurs, 1471 Inspekteren an 258 Brigardieren.

Donieft sinn nach eng Réi Polizisten an der Formatioun:

- 3 Stagiären vir de Cadre Supérieur bis den 1. September 2016 an 3 anerer bis den 1. September 2017;
- 40 Volontären am 2. Joer Formatioun vir d'Inspekteschkariär;
- 79 Volontären am 1. Joer Formatioun vir d'Inspekteschkariär;
- 11 Volontären an der Formatioun vir d'Brigadierskariär.

Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir d 'Polizisten déi an d 'Pensioun ginn ze ersetzen an d 'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d 'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbesseren?

D 'Statistiken weisen datt am Prinzip just 50% vun de Polizisten direkt vun hirem Recht Gebrauch man, an d 'Pensioun ze goen.

Bis Enn 2017 hätten 5 Cadres supérieurs an 111 Inspekteren d 'Recht an d 'Pensioun ze goen. Deemno géifen déi Polizisten déi aktuell an der Formatioun sinn, just duergoen fir d 'Polizisten déi an d' Pensioun ginn ze ersetzen.

Ass d 'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en , am Liicht vun de rezenten Evenementer, erop gesat ginn?

Vu d 'Evolutioun vun der Kriminalitéit huet d 'Regierung décidéiert bis d 'Joer 2018, 346 Polizisten anzestellen. Wann een d 'Départe en Retraite considéréiert, erlaabt des Moossnam eng netto Hausse vum Effektiv vun op mannst 50 Polizisten pro Joer.

Weider huet d 'Regierung och nach décidéiert vir progressiv 45 Zivilisten anzestellen vir d 'Polizisten vun den administrativen Aarbechten ze entlaaschten. Déi éischt 30 Ziviliste ginn schonn 2016 rekrutéiert.